



Administration Communale de
Schiffflange



Schëfflenger Bulletin

Octobre 2015

226

Maison Relais «op Hudelen»

Bulletin bilingue

Éditeur:

Administration Communale
de Schiffflange
Boîte Postale 11
L-3801 Schiffflange
Tél.: 54 50 61-1
Fax: 54 42 02
E-mail: secretariat@schiffflange.lu
Internet: www.schiffflange.lu

Réalisation:

Espace Médias SA / Polygraphic

Rédaction:

Administration Communale
de Schiffflange

Photos:

Administration Communale
de Schiffflange


Édition:

226 | Octobre 2015

Le bulletin est distribué gratuitement
à tous les ménages de la commune
de Schiffflange.

Sommaire BULLETIN

Virwuert vum Buergermeeschter Le mot du maire	3-4
Streikgedenkfeier am 31. August 2015 Commémoration de la grève en date du 31 août 2015	5-8
Mme Assunta Ambrosini-Lucca huet hir 90 Joer gefeiert Mme Assunta Ambrosini-Lucca a fêté ses 90 ans	9
105. Gebuertsdag vun der Madame Vanton-Mertens 105 bougies pour Madame Catherine Vanton-Mertens	10
„Senioreninfodag“ « Senioreninfodag »	11
Der Schöfferrat besucht die Hauptbaustellen. Le collège échevinal en visite sur les principaux chantiers	12-13
Diplomiwwerreechung vun de Sproochecoursen Remise de diplômes des cours de langue	14
Diplomiwwerreechung „Musique à l'école“ Remise de diplômes « Musique à l'école »	15
„Informatique à l'école“ Informatique à l'école	16
Aweijung Trimmpad Inauguration du parcours de fitness	17-18
Formatioun „Animateur cycle A“ Formation « Animateur cycle A »	19
Spaghettiaktioun « Spaghettiaktioun »	20
Zwiespältige Bilanz für das „Schëfflenger Fest“ Bilan mitigé pour le « Schëfflenger Fest »	21-22
Vernissage vun der Ausstellung „Art à l'Ecole“	22
Auf grün folgt rot! Du vert au rouge !	23
The Best Fairtrade Step 2015 The Best Fairtrade Step 2015	23
Schulsubsidien Subsides scolaires	24
Schiffflingen beim „European Peoples' Festival“ in Polen Schiffflange au European Peoples' Festival en Pologne	24-25
Club Haus beim Kiosk Club Haus beim Kiosk	26
Impressiounen vun der "Fête de l'intégration" Impressions de la Fête de l'intégration	27
Opruff vun der CMS	27
Ferriminera-Arts-Festival Ferriminera-Arts-Festival	28





Virwuert vum Buergermeeschter



Le mot du maire

Léif Schöfflenger Leit,

D'Vakanz ass eriwwer an dat politescht a gesellschaftlecht Liewen an eiser Gemeng huet längst erëm säi Laf geholl. Kuerz no der „Rentrée“ wëll ech mengem Wonsch Ausdrock ginn, datt Der alleguerten eng erhuelensam Vakanz hat, an datt Der mat neiëm Elan déi kommend Erausforderungen a Beruff a Famill kënnt ugoen.

Mat dësem Bulletin wëlle mer lech, wéi gewinnt, engersäits mat ville Reportagen iwwer déi sëllech Aktivitéiten, déi déi lescht Wochen a Méint hei zu Schöffleng stattfonnt hunn, an anerersäits, passend zur „Rentrée“, mat engem ëmfangräichen Dossier mat allem Wëssenswäerten zum Thema „Schoul“, informéieren. Mer hoffen, och an der Zukunft mat eise Publikatiounen Ären Erwaardunge gerecht ze ginn.

D'Schoul soll jo eis Kanner op hiert spéidert Liewe virbereeden. Duerfir musse mer derfir suergen, dass mer fir si en optimaalt schoulescht Ëmfeld schafen. Ech mengen, dat geléngt eis zënter Joren hei zu Schöffleng ganz gutt, och wa mer feststelle mussen, dass d'Ufuerderungen un eist Léierpersonal ëmmer méi grouss ginn. Als Gemeng wäerte mer och an Zukunft dofir suergen, datt eis Kanner optimal Konditiounen virfannen. Duerfir si mer och houfreg op déi Verbesserungen, déi mer an deene leschte Jore realiséiert hunn, wéi z. B. d'Moderniséierung an den Ausbau vun der Albert-Wingert-Schoul oder d'Afféierung vum Pédibus. Zur Schoul gehéiert awer och d'Ganzdagsbetreierung vun de Kanner. An deene leschte Jore war d'Nofro méi grouss wéi Plazen zur Verfügung stoungen. Duerfir hu mer (a Rekordzäit) eng nei Maison Relais um Rand vun der Cité „op Hudelen“ gebaut, déi lo fir d'Rentrée hir Diere fir ronn 350 Kanner opgemaach huet. Déi Säll vun der „aler“ Maison Relais bei der Nelly-Stein-Schoul kënnen elo als zousätzleche Klasseraum genotzt ginn.

Chères Schiffflangeoises,
Chers Schiffflangeois,

Les vacances s'achèvent et la vie politique et sociale de notre commune a repris son cours depuis un certain temps. La rentrée à peine passée, j'espère que vous avez toutes et tous passé des vacances reposantes et que vous êtes prêt(es) à affronter d'un nouvel élan les futurs défis tant dans votre vie professionnelle que privée.

Ce bulletin comprend – rentrée oblige – un dossier exhaustif contenant toutes les informations nécessaires au sujet de l'école sans oublier les reportages sur les multiples manifestations qui ont eu lieu ces dernières semaines à Schiffflange. Nous osons espérer que nos futures publications sauront également satisfaire vos attentes.

L'école est censée préparer les enfants à leur vie adulte. Ainsi, il est de notre devoir de veiller à ce qu'un milieu scolaire optimal soit créé. Je suis d'avis que nous y sommes parvenus au courant des dernières années, bien que les exigences vis-à-vis du corps enseignant ne cessent de croître. La commune se porte garant pour que nos enfants bénéficient également à l'avenir de conditions optimales. Les améliorations qui ont été entreprises les dernières années nous procurent une certaine fierté, à savoir la modernisation et l'agrandissement de l'Ecole Albert Wingert ou encore l'introduction du « Pédibus ». La garderie à plein temps fait également partie de l'enseignement. Or, la demande a toujours dépassé l'offre de places disponibles. Afin de remédier à cette situation, nous avons construit (en un temps record) une nouvelle « Maison Relais » aux abords de la cité « Op Hudelen » qui vient d'ouvrir ses portes pour la rentrée 2015/2016 et qui peut abriter environ 350 enfants. Les espaces de l'« ancienne Maison Relais » sur le site de l'Ecole Nelly Stein seront transformés en salles de classes supplémentaires.

Liest weider op der nächster Säit

Suite à la page suivante



Besonnesch frou si mer awer och, datt d'Kanner aus der Lydie-Schmit-Schoul zënter dëser Rentrée endlech uerdentlech a modern Sportinfrastrukture virfanen. Den Invest vun 9 Milliounen Euro huet sech gelount: En neien, groussen Turnsall an eng nei Schwämm stinn de Kanner lo zur Verfügung.

An eiser Gemeng gëtt awer och soss weider fläisseg geschafft! D'Lëscht vun eise Projeten ass nach ëmmer laang. Als nächst grouss Ännerung trëtt dat neit Stationnéierungskonzept, mat „Parking payant“ am Zentrum, de 15. Oktober a Kraaft. Wéi Dir wësst hu mer eist Offallreglement och moderniséiert, an do ass de Stéchdatum den 1. Oktober.

Trotz der Summerpaus war an deene leschte Wochen awer vill lass an eiser Gemeng. Ech erënneren un de groussen internationale Meeting vum CAS, den 2. August, oder de groussen internationalen ITF-Tennisturnier fir Jugendspieler, dee vum 1. bis den 8. August vum TCS organiséiert gouf. Mat grousssem Erfolleg huet eis Gemeng um Eurofestival zu Zlocieniec a Polen deelgeholl. Stëmmungsbiller dervun fannt Der an dësem Bulletin.

Besonnesch ervirhiewe wëll ech awer och d'Streikgedenkfeier vum 31. August, wou eis Gemeng an hir Resistenzorganisatiounen sech un d'Affer vum 2. Weltkrich erënnert hunn. Eemol méi war d'Bedeegung vun eise Veräiner a Bierger ganz grouss. An Zäiten, wou Krich, Misère a Masseflucht och Europa net verschounen, ass et wichteg, den Témoignage vun deemools genauestens nozelauschteren, well wee seng Geschicht net kennt, kann d'Géigewaart net verstoen an d'Zukunft net gestalten.

An elo wënschen ech lech vill Spaass beim Liesen vun dësem Bulletin.

Un autre projet qui me tient particulièrement à cœur est la construction d'un nouveau gymnase et d'une nouvelle piscine à l'Ecole Lydie Schmit. Ce projet qui se chiffre aux environs de 9 millions d'euros permet aux enfants de profiter enfin dès cette rentrée d'infrastructures de sport dignes de ce nom.

De plus, la commune connaît actuellement un vaste programme d'investissement. La liste des projets est importante. Le prochain changement important à intervenir sera le nouveau concept de stationnement avec parking payant au centre, qui entrera en vigueur le 15 octobre. Par ailleurs, vous n'êtes pas sans savoir que nous venons de moderniser notre règlement sur les déchets avec effet au 1er octobre.

Malgré la trêve estivale, de nombreuses manifestations d'envergure ont eu lieu les dernières semaines à Schifflange. Permettez-moi de citer le grand meeting international, organisé par le CAS le 2 août ou encore le tournoi international de tennis pour jeunes qui s'est déroulé du 1er au 8 août sur les terrains du TCS. La participation de notre commune au « European Peoples' Festival » à Zlocieniec en Pologne a connu un grand succès et le lecteur trouvera plusieurs photos retraçant l'excellente ambiance qui y régnait.

Finalement, je tiens à relever la commémoration de la grève du 31 août, où la commune et les associations de résistance se sont souvenues des victimes de la deuxième guerre mondiale. Une fois de plus, la participation de nos associations et de nos citoyens a été remarquable. En ces temps où guerre, misère et exodes importants n'épargnent pas l'Europe, il est de mise d'écouter attentivement les témoignages d'antan, sachant que celui qui ne connaît pas son histoire, est incapable de comprendre le présent ou de concevoir l'avenir.

Et maintenant il ne me reste plus qu'à vous souhaiter beaucoup de plaisir à la lecture de ce bulletin.

Roland SCHREINER
Bourgmestre



Streikgedenkfeier am 31. August 2015

Commémoration de la grève en date du 31 août 2015

Am 31. August fand die traditionelle Gedenkfeier für die Opfer des Streiks des Jahres 1942 statt. Viele Gäste und Vereinsvertreter fanden sich um 18.00 Uhr beim zentralen Monument vor der Gemeinde ein, um den Menschen zu gedenken, welche dem Naziregime zum Opfer gefallen sind. Bürgermeister Roland Schreiner erinnerte an die historischen Geschehnisse vom 31. August 1942 und versprach den zahlreich erschienenen Gästen, dass die Gemeinde Schiffingen auch in Zukunft alles tun werde, damit der Streik auf der „Schöfflenger Schmelz“ nicht in Vergessenheit gerate.

La traditionnelle commémoration de la grève du 31 août 1942 a eu lieu devant le monument central en face de la commune. A 18.00 heures beaucoup d'invités et de représentants des associations locales s'étaient réunis pour se souvenir des victimes de l'occupation nazie. Monsieur le bourgmestre Roland Schreiner a retracé les faits historiques et a promis que la commune de Schiffange persistera dans ses efforts, afin que la grève de 1942 et ses héros ne soient jamais oubliés.

D'Ried vum Buergermeeschter

Här Deputéierten,
Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot,
Léif Verrieder vun de Resistenzorganisatiounen,
Léif Représentantë vun de Gewerkschaften,
Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Frënn,

Fir d'alleréischts wëll ech lech alleguerten en härerleche Merci soen, dass Der lech zu esouvill Zäit geholl hutt, fir haut op den 31. August mat eis zesummen un dëser Gedenkzeremonie deelzehuelen. Den 31. August ass a bleift e wichtegen Datum an der Geschicht vun eisem Land, eiser Heemecht, a besonnesch vun eiser Gemeng. En Datum, deen e Symbol vun der Solidaritéit an eiser fräier Gesell-

schaft ass. Dës ëmmer nees ergräifend Gedenkzeremonie huet duerfir zënter Joren am Kalenner vun der Schöfflenger Gemeng, eise Resistenzorganisatiounen, eise Veräiner, eise Leit, hier fest Plaz, well den 31. August ass a bleift fir Schöffleng och en Dag vu grousser Trauer, vu batterer Erënnerung, awer och vun Opbroch. Et soll awer och derniewent en Dag sinn, wou mer all zesummen onmëssverständlich zum Ausdrock bréngen, dass mer, iwwert d'Bedeutung vum Dag selwer ewech, all Form vu Gewalt, ob physisch, psychesch oder materiell, an hier Verherrlechung, op dat Schäerfst veruerteelen.

Den 31. August 1942, haut virun 73 Joer, hu Schöfflenger Jongen, Aarbechter, op eiser Schmelz





sech géint eng friem Diktatur opgeworf. Si hunn hier Aarbecht néiergeluecht, obschonn si warscheinlech ganz genee wossten, wat si géife riskéieren. No dem Motto „Léiwer doud, wéi net fräi“ hu si domatt virun der ganzer Welt gewisen, wat si vun deene gehalen hunn, déi an eisem Land mat Waffengewalt eis Populatioun ënnerdréckt a versklaavt hunn, eis Jugend an eng friem Uniform forcéiert hunn, all Aneschtendenkend agespaart, verschleeft an ëmbruecht hunn, a ganz Familljen auserneegerappt an deportéiert hunn.

Mä eis Leit op der Schmelz hu sech gewiert, op hir Manéier! Si hunn domatt, vläit onbewosst, e Signal ginn, dat deemools an der ganzer Welt verstane ginn ass, a wat haut nach lieweg ass. Zesumme mat villen anere Patrioten a Verdedeger vun der Fräiheet, besonnesch deene ville Märtyrer vu Wolz, sinn si et, déi e Kapitel an eiser Geschicht geschriwwen hunn, dat kee vun eis Lëtzebuerger vergiesse soll. Duerfir gehéieren hir Nimm och an eis Geschichtsbicher an op eng Éiereplaz.

Mueres giong et zu Wolz un, an am spéiden Nomëtteg, um 6 Auer, huet op der Schöfflenger Schmelz, där mer an dësen Zäiten definitiv Äddi soen, den Hans Adam d'Sireene vun der Steierbühn gezunn an domatt d'Zeeche ginn, fir d'Aarbecht néierzeleeën an

heem ze goen, esou wéi d'Leit ëm den Eugène Biren dat virdrun an der Walzendréierei besprach a geplangt haten.

Dëse grad esou onverhoffte wéi couragéierte Streik, dee sech lues awer sécher iwwert d'ganz Lëtzebuerger Land an a bal alle Volleksschichten ausgebreet huet, huet engersäits an der ganzer fräier Welt en immensen Echo fonnt, andersäits awer och eng barbaresch Äntwert vun den ieweschten NS-Dirigenten an hire sadisteschen an zu allem bereeten SS-Hëllefsléit erop beschwuer. An déi Äntwert sollt vill Béises a ganz vill Schlëmme mat sech bréngen. Mat ëmmer méi schrecklechen an onerhéierten Aktiounen sinn déi däitsch Arméi- an Zivilkommandoe géint déi vun hinne gesichten „Ustiwweler a Matleefer“ vum Lëtzebuerger Generalstreik virgaangen. Et war dat de schroen a bluddegen Ufank vun enger totaler Ënnerdréckung, déi fir vill Lëtzebuerger, vun der Angscht an dem Schreck, iwwert d'Verhaftung an de Prisong bis an d'KZ an do an den Doud féiere sollt.

Déi Lëtzebuerger, a besonnesch déi Schöfflenger, déi eigentlech fir méi gestuerwe si wéi fir dee Streik, hunn net verdéngt, dass d'Gläichgëltegkeet lues a lues alles, wat si fir d'Fräiheet vun eisem Land gemaach hunn, an de Vergiess gerode léisst.



Mir als nofolgend Generatiounen, hunn ganz einfach d'Pflicht, eis u si ze erënneren, a mir mussen och eise Kanner soen, dass et mussen esou Leit ginn, déi sech wieren, wann Onrecht geschitt, an déi d'perséinlech Fräiheet verdeedegen, wann et néideg ass. Déi perséinlech Fräiheet, déi deen eenzege Garant vun eiser Demokratie ass. Ouni esou Leit wär fir eis all dat Wuert „Fräiheet“ scho laang nëmme méi en abstrakte Begrëff, dee mer just nach aus de Bicher géife kennen.

Et muss ee jo wëssen, dass Streik deemools an Hitler-Däitschland e Kapitalverbriche war. Op Streik stoungen, schonn a Friddenzäiten, déi schwéierst Strofen. Mä dass elo matten am Krich, an engem besetzte Land, zu engem kritesche Moment, et zu engem Streik kouw, och nach an engem Stolzwerk, wou jo e wichtege Nerv vum ganze System getraff gouf, dat war natierlech en Dolchstouss an de Réck vun der Wehrmacht.

De Nazibonzen ass de kale Schweess ausgaangen a si hu sech scho vum Hitler opgehaangen oder op d'viischt Front versat gesinn. Hier Reaktioun war duerfir och deementspreechend. Den zivilen Ausstand ass iwwer Schëffleng an Esch verhaange ginn an e Standgeriicht gouf agesat.

D'Aarbechter vun der Mëtteschicht sinn all verhéiert ginn, 59 goufe festgehall an ausgepresst, an dat op eng brutal Aart a Weis. Mä keen huet deen anere

verroden. Den Hans Adam, no deeglaangen a qualvolle Verhéieren, a wahrscheinlech fir seng Kollegen ze schützen, huet sech schlussendlech selwer als den Urheber vum Streik ausginn. Hie gouf de 9. September zu Köln-Klingelpütz op eng bestialesch Manéier ëmbruecht. Bluttrout Plakater hunn duerno d'Ermordung vum Eugène Biren bekannt ginn. Ausser dem Hans Adam an dem Eugène Biren goufen nach 20 weider Lëtzebuerger Patrioten aus allen Deeler vum Land wéinst der Streikaktioun zu Hinzert erschoss.

Dat wat 1942, virun 73 Joer, op eiser Schmelz geschitt ass, dat wat kuerz drop an an deene Wochen duerno als Repressioun vun de Preise geschitt ass, dat kritt eng ganz besonnesch Bedeitung, wann ee verfolgegt, wat haut a ville Länner op der Welt nach ëmmer passéiert. Syrien, Libyen, Ukraine, Israel a Gaza sinn aktuell an onerträglech Beispiller. Keng Ideologie, wéi se och heescht, ass sech och haut nach ze schued, fir dat selwecht an hirem Muechterberäich ze maachen, wat d'Preisen deemools mat eise Leit gemaach hunn. An dobäi geet et ausschliesslech ëm Muecht a Geld, an dobäi gëtt keng Rücksicht geholl op onschëlleg Leit a Kanner. Al Kaida, Islamesche Staat, Boko Haram an aner terroristesche Organisatiounen priedegen a seeën Haass a Gewalt. A wéi enger Welt liewe mer eigentlech? An déi aktuell Flüchtlingsproblematik, mat där Europa konfrontéiert ass, ass eng Konsequenz vun Terrorismus, Krich an Aarmut op eiser Welt.



An duerfir ass et och haut wichtig, dass iwwerall de Widerstand bestoe bleift, sou wéi dat och 1942 hei zu Lëtzebuerg de Fall war. Déi Leit vollzéien dat no, wat den Hans Adam, den Eugène Biren a vill anerer an eisem klengen Land virun 73 Joer gemaach hunn. Eis Leit hu keng Gewalt ugewannt, fir hier Konditiounen ze änneren, si hunn „nëmmen“ gestreikt! An trotzdem hu si als Reaktioun op hire Streik d’Gewalt an hiren extremsten Ausdrucksformen ze spiere kritt. Si hu gelidden a si gestuerwe fir Gerechtegkeet a fir Fräiheet. Fir dass hier an eis Kanner haut als fräi Mënschen op d’Welt kommen.

Mir erënneren eis haut an Dankbarkeet un déi, déi hiert Liewe verluer hunn, déi deportéiert goufen, déi drangsaléiert, geschloen a gedemüteg goufen. Alles

dass mer haut an engem klengen, mä fräie Land liewe kënnen.

Déi Leit, deene mer haut gedenken, verdéngen eisen déiwe Respekt, a mer sollten all zesumme versichen, dee Respekt och un déi Generatiounen no eis, eis Kanner a Kandskanner, virun ze vermëttelen, fir dass esou eppes ni méi virkënnt.

A just duerfir ass et wichtig, dass mer eis all Joers den 31. August op dëser Plaz erëm gesinn.

Ech soen Iech Merci fir Är Präsenz an Är Opmierksamkeet!





D'Madame Assunta Ambrosini-Lucca huet hir 90 Joer gefeiert

Zesumme mat hire Kanner Elsa a François an der ganzer Famille konnt d'Madame Assunta Ambrosini kierzlech op hiren 90. Gebuertsdag ustoussen. Gebuer gouf d'Mme Ambrosini den 21. Mee 1925 zu Grigno an Italien. Bis 24 Joer huet si dann och an Italien gewunnt, éier si am November 1949 zu Esch/Uelzecht mam Louis Ambrosini bestuet ginn ass. Leider huet hie si 1958 vill ze fréi nees verlooss. D'Jubilarin ass ganz houfreg, dass si zwee Enkelkanner an eng Urenkelin zu hirem erweiderte Familljekrees kann zielen.

De Buergermeeschter Roland Schreiner, d'Schäffe Paul Weimerskirch a Carlo Feiereisen, d'Vertrieder vun der Seniorekommissioun an dem Syndicat d'Initiative, hunn et sech net huele gelooss, fir der rüsteger Jubilarin hir beschte Gléckwënsch entgéintzebréngen.

Mir wënschen der Mme Ambrosini nëmmen dat Bescht an hoffen, datt si bei gudder Gesondheet nach vill Joren am Krees vun hirer Famill ka verbréngen.

Mme Assunta Ambrosini-Lucca a fêté ses 90 ans

Récemment Madame Assunta Ambrosini-Lucca, entourée de ses enfants Elsa et François, a fêté son 90^e anniversaire.

Mme Ambrosini est née le 21 mai 1925 à Grigno en Italie où elle a habité jusqu'à l'âge de 24 ans.

En novembre 1949 elle a épousé Louis Ambrosini devant l'officier d'état civil à Esch-sur-Alzette. Malheureusement Monsieur Ambrosini nous quitte déjà en 1958.

Aujourd'hui deux petits-enfants et une arrière-petite-fille complètent le bonheur de la jubilaire.

Le bourgmestre Roland Schreiner, entouré des échevins Paul Weimerskirch et Carlo Feiereisen, ainsi que les représentants de la commission des seniors et du Syndicat d'initiative ont présenté les meilleurs vœux de la part de la Commune et souhaité beaucoup d'années en bonne santé à la jubilaire.

105. Gebuertsdag vun der Madame Vanton-Mertens

Den 3. Juli 1910 ass d'Catherine Mertens zu Esch op d'Welt komm. Den 8. Mee 1976 huet si sech zu Anderlecht mam Joseph Vanton bestuet. Zesumme mat hirem Mann huet d'Mme Vanton an der Belsch gewunnt, bis si 1995 Wittfra ginn ass, a si nees zeréck op Lëtzebuerg komm ass. Vun do un bis 2011 huet si am Seniorenheim gewunnt an huet elo eng Wunneng an der „Maison des Générations“. All Dag kennt hir Frëndin d'Madame Joséphine Grandjean-Schweitzer no hir kucken, a si kann och op d'Hëllef vun „Help“ zeréckgreifen.

De Buergermeeschter Roland Schreiner an de Schäfte Carlo Feiereisen hu sech et dann och net entgoe gelooss, an hunn zesumme mat de Vertrieider vun der Seniorekommissioun an dem Syndicat d'Initiative déi allerbeschte Gléckwënsch vun der Gemeng entgéintbruecht.

105 bougies pour Madame Catherine Vanton-Mertens

Madame Catherine Mertens est née le 3 juillet 1910 à Esch/Alzette. Le 8 mai 1976, elle s'unit à Joseph Vanton à Anderlecht en Belgique.

Après le décès du sieur Vanton en 1995, la veuve retourne au Luxembourg plus précisément à Schifflange à la Maison des Seniors.

Aujourd'hui, la dame Vanton habite un petit appartement à la Maison des Générations. Son amie Madame Joséphine Grandjean-Schweitzer ainsi que les infirmiers/ières du réseau « Help » lui donne un coup de main pour faire les travaux ménagers.

Le bourgmestre Roland Schreiner et l'échevin Carlo Feiereisen, ainsi que les représentants de la commission des seniors et du Syndicat d'Initiative ont transmis les meilleurs vœux de la commune, tout en souhaitant bonne santé à la jubilaire pour cet anniversaire extraordinaire.





„Senioreninfodag“

Nach dem großen Erfolg des letzten Jahres, organisierten der Schöfflenrat und die Seniorenkommission am 16.7.2015 eine zweite Auflage des „Senioreninfodag“. Während diesem Tag haben 21 Vereinigungen ihre Produkte ausgestellt, die spezifisch für die Bedürfnisse der Senioren bestimmt sind. Die zahlreichen Besucher bekamen die Möglichkeit, direkt in Kontakt mit den verschiedenen Ausstellern zu treten und konnten sich über die Produkte und Dienste informieren. Bleibt noch die von den „Schöfflenger Globetrotters“ organisierte Wanderung über rund 5 Kilometer hervorzuheben.

Während des offiziellen Rundgangs bestätigten die Veranstalter ihre Zufriedenheit anlässlich dieser zweiten Auflage, die mehr Anklang kannte als die erste.

Der „Senioreninfodag“ wird zukünftig in einem Rhythmus von zwei Jahren organisiert.



« Senioreninfodag »

Après le grand succès de l'année dernière, le collège échevinal et la commission des seniors ont organisé, en date du 16.07.2015, la deuxième édition du « Senioreninfodag ». Lors de cette journée, 21 associations ont présenté leurs produits et leurs services, ciblés spécifiquement sur les besoins des seniors. Les nombreux visiteurs ont eu la possibilité d'entrer directement en contact avec les différents exposants et de s'informer sur leurs services et produits. A noter que les « Schöfflenger Globetrotters » avaient organisé une randonnée d'environ 5 km.

Lors de la ronde officielle des stands par les notabilités, les organisateurs ont confirmé être satisfaits de cette deuxième édition, qui a connu encore beaucoup plus d'affluence que celle de l'année dernière. Reste à souligner, qu'à l'avenir le « Senioreninfodag » sera organisé dans un rythme bi-annuel.





Maison Relais « op Hudelen »

Der Schöfferrat besucht die Hauptbaustellen

Vor seinem Sommerurlaub hat der Schöfferrat die Hauptbaustellen besucht, dies in Begleitung der Mitarbeiter der technischen Dienststellen. Die Besichtigung begann auf dem Bauernhof „Schou“ in der „avenue de la Libération“. Nach der Renovierung des Erdgeschosses des Wohnhauses wird die Kunstgalerie des „Syndicat d'Initiative“ im Herbst 2015 dort hinziehen.

Danach haben sich die Verantwortlichen ein Bild der voranschreitenden Arbeiten des neuen Turnsaals und des neuen Schwimmbades der Lydie-Schmit-Schule gemacht. Die Schüler können ab Schulanfang von diesen ultramodernen Installationen Gebrauch machen.

Nach einer Demonstration der Müllschleuse, im Centre Seniors (rue CM Spoo), einem neuen Müll-Identifikationssystem für Residenzen, besuchte der Schöfferrat die zukünftige Maison Relais „op Hudelen“. Auch wenn noch viele Endfertigungen ausgeführt werden müssen, wurde diese dreistöckige Empfangsstruktur mit Restaurant im Untergeschoss Mitte September 2015 geöffnet, um etwa 350 Kindern Platz zu bieten.

Alle aktuellen Arbeiten werden also in der vorgesehenen Frist fertiggestellt und werden somit zum Wohlbefinden der Schifflinger und Schifflingerinnen beitragen.

Le collège échevinal en visite sur les principaux chantiers

Avant son congé estival, le collège échevinal a visité les principaux chantiers en cours, ce en compagnie des collaborateurs des services techniques. Une première escale a été faite à la ferme « Schou », sise avenue de la Libération. Après une rénovation du rez-de-chaussée de la maison d'habitation, la galerie d'art du Syndicat d'Initiative y déménagera cet automne. Ensuite, les responsables communaux ont pu se faire une image de l'avancement des travaux relatifs à la construction d'un nouveau gymnase et d'une nouvelle piscine pour l'Ecole Lydie Schmit. Les écoliers peuvent profiter de ces installations ultramodernes depuis la rentrée scolaire.

Après une démonstration de l'écluse pour déchets (Müllschleuse), au Centre Seniors (rue CM Spoo), un nouveau système d'identification pour résidences, le collège échevinal a visité le chantier de la Maison Relais « op Hudelen » qui, même si certains travaux de finition restent à effectuer, a ouvert ses portes mi-septembre également. Cette nouvelle structure d'accueil, à trois étages avec restaurant au sous-sol, va accueillir environ 350 enfants.



Fotos oben & Mitte:
Bau des neuen Turnsaals und des neuen Schwimmbades der Lydie-Schmit-Schule



Bauernhof „Schou“ – neue Räumlichkeiten des „Syndicat d'initiative“

Diplomiwwerreechung vun de Sproochecoursen

Déi schonn traditionell Sproochecoursen, déi all Joer vun der lokaler Integratiounskommissioun ënner der Leedung vun hirem President Guy Fehr organiséiert ginn, hunn och dëst Joer nees e grouse Succès kritt. Net manner ewéi 44 Leit hu während de Méint Oktober bis Juni un de lëtzebuergeschen (31 Leit), respektiv engleschen (13 Leit) Sproochecoursen deelgeholl. Bei enger klenger Rezeption huet de Buergermeeschter Roland Schreiner, a Präsenz vu Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot an der Integratiounskommissioun, d'Diplomer un déi erfollegräich Lauréaten iwwerreecht. A senger Usprooch huet hien op d'Wichtigkeet vun eiser Sprooch higewisen an alle Lauréate fir hiren Erfolleg gratuléiert. Mat engem Eierewäin ass dës Diplomiwwerreechung zu Enn gaangen. Et sief op dësem Platz nach drop higewisen, dass ab Oktober 2015 nees Sproochecoursen organiséiert ginn. Fir weider Informatiounen steet de John Schlentz, Sekretär vun der Integratiounskommissioun um Tel. 54 50 61-302 gären zur Verfügung.

Remise de diplômes des cours de langue

